


# Gala-Concert 2019

# Filmféiwer II

## Samschdeg,
## de 4. Mee 2019
## um 20 Auer

## am Tramsschapp
## um Lampertsbierg

**Direktioun: Christian Block**

**Presentatioun: Carmen Schmitz**

**Fräien Entrée**

**Stad- a Lampertsbierger Musek asbl**



# Music & Tools

luxembourg

vente - location - réparation
instruments de musique

www.musicandtools.lu






Des Brochure gëtt erausgi vun der Stad- a Lampertsbierger Musek asbl
Adress: BP 277 • L-2012 Luxembourg
www.hmll.lu
contact@hmll.lu
CCPL IBAN LU42 1111 0134 9916 0000
D'Stad- a Lampertsbierger Musek seet all deene Leit déi un dëser Editioun matgeschafft hunn e grousse Merci! Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass eleng den Auteur verantwortlech.
Oplo: 5000 Exemplairen
E grousse Merci och un all d'Annonceur'en fir hier Ënnerstëtzung.

# Wuert vum President - Mot du président

Léif Lampertsbierger,
Léif Museksfrënn,

Mat grousser Freed invitéieren ech Iech alleguer ganz häerzlech op de Galaconcert 2019 vun der Stad- a Lampertsbierger Musek.

Nodeems mir d'lescht Joer mat „Filmféiwer" e grousse Succès kannt hun, presentéieren mir Iech des Kéier mat „Filmféiwer II" nees eng flott Selectioun aus der Kinoswelt. Zesummen mat onsem Dirigent Christian Block spillen mir Iech Filmmusek vun méi oder manner bekannten Komponisten. Als Gaaschtformatioun begréissen mir den Saxophonsquartett „Sax4tett" deen Iech d'Klangvillfältegkeet vun desem Instrument démonstréiert.

Ech gin Iech also Rendez-vous de 4. Mee 2019 um 20 Auer am Tramsschapp.

Mat musikaleschen Gréiss,

André Hever,
President

---

Chers habitants du Limpertsberg,
Chers mélomanes,

C'est avec un immense plaisir que j'ai l'honneur de vous inviter cordialement au concert de gala 2019 de l'Harmonie Municipale Luxembourg & Limpertsberg.

Après le grand succès de l'année passée, nous vous présentons cette fois-ci à nouveau une belle sélection musicale provenant du monde cinématographique. Sous la direction de notre chef d'orchestre Christian Block, vous allez entendre des œuvres de compositeurs connus et moins connus. En plus, nous avons invité pour ce concert le quatuor de saxophones « Sax4tett » qui vous fera découvrir la polyvalence sonore de cet instrument.

Au plaisir de vous accueillir le 4 mee 2019 à 20 heures au centre culturel « Tramsschapp », recevez mes salutations musicales,

André Hever,
Président


Herren- mode
Damen- mode
Uniformen
DIGEL
THE MENSWEAR CONCEPT
MODEHAUS
FISCHER KG
am Bahnhof · Nennig
Tel.: 0049/6866-330
Fax: 0049/6866-12 98
www.mode-von-fischer.de


Independent
café
6, boulevard F. D. Roosevelt L-2450 Luxembourg
Tél.: 27 47 87 78
indies@pt.lu
fb.com/IndiesCafe

# Léif Museksfrënn

Et ass menge Museker a mir nees e grousse Pleséier, fir iech op eisen nächste Gala-Concert mam Titel „Filmféiwer II“ z'invitéieren.

Nodeems mer iech zejoert eng éischte Kéier Musek aus der Welt vun Hollywood & Co presentéiert hunn – a well dëse Repertoire esou grouss ass – hu mer decidéiert, fir iech dëst Joer nach eemol an déi fantastesch Welt vum Film z'entféieren.

De Concert besteet aus 3 Deeler.

Am 1. Deel, dee vun eiser Musek gespillt gëtt, presentéiere mer iech Stécker aus de Filmer „Das Boot“, „Moulin Rouge“, „The Hunchback of Notre Dame“, „Shrek“, „La Boum“ a vum Ennio Morricone.

Et ass mer eng besonnesch Freed, datt den 2. Deel vum Concert vun der Formatioun „Sax4tett“ encadréiert gëtt. D'Presentatioun vun dësem Quartett ass op der Säit 9 vun dëser Broschür. „Sax4tett“ presentéiere Stécker aus de Filmer „West Side Story“, „Schindler's List“ an „An American in Paris“.

Am 3. Deel zum Ofschloss vum Concert, spillt iech d'Stad- a Lampertsbierger Musek Wierker aus de Filmer „Seven Years in Tibet“, „Twins“ an „The Lord of the Rings“.

Ech wëll op dëser Plaz dovunner profitéieren, fir menge Museker an och eisem Comité nees eng Kéier Merci ze soen, fir hir Energie a fir hire formidabelen Asaz an de leschte Méint.

Meng Museker an ech géingen eis besonnesch freeën, fir iech e Samschdeg, de 4. Mee um 20 Auer am Tramsschapp um Lampertsbierg ze begréissen. Mir wënschen iech elo scho vill Amusement an e wonnerschéinen Owend.

Christian Block
Dirigent vun der Stad a Lampertsbierger Musek






JMK agence d'assurances | Bâloise Assurances

Agence Générale Jean-Marie Kuborn
54, rue Principale • L-8365 Hagen
GSM : 621 24 78 24 • agence.kuborn@baloise.lu

Baby Belly
by Priscilla

Magasin (200m²) de puériculture, chambres enfants,
vêtements de grossesse et d'enfants de 0 à 7 ans, liste de naissance.

**54, rue Principale L-8365 Hagen Tel: 26 10 89 89**
**www.babybelly.lu info@babybelly.lu**

La Torre
Restaurant - Pizzeria
depuis 1984

82, avenue du Bois
L-1250 Luxembourg-Limpertsberg
Tel.: 47 18 71
www.latorre.lu

Notre Restaurant est fermé
les lundis et mardis








SK
INFORMATIK
Schaller & Klinke
31.5" 80 cm
2560 x 1440
terra
COMPUTER SERVICE
SMART HOME
VIDEOÜBERWACHUNG
reolink
21, Av. de la Faiencerie
L-1510 Luxembourg
TEL: 2772 0220
www.HILFE.LU
terra
ABUS
homematic IP
DoorBird
Quality for a safer home.

# Sax4tett



D'Weeër vun de Saxophonisten aus dem „Sax4tett" hu sech wärend hire Studien an der Klass vum Guy Goethals am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg gekräizt. Si goufen donieft ënner anerem vum Leana Sealy a Fränz Breger begleet. Si hunn awer och u verschiddene Masterclassen beim Naomi Sullivan an Masahito Sugihara deel geholl fir hiert Kënnen an Zesummespill ze verbesseren.

De Quartett ass am Joer 2010 gegrënnt ginn a spillt säit 2014 an der aktueller Besetzung:

- Lynn Gloden (Saxophon Sopran)
- Esther Weber (Saxophon Alt)
- Kevin Massinon (Saxophon Tenor)
- André Hever (Saxophon Bariton)

Nieft alljäerlechen Optrëtter op der „Soirée Musicale" zu Walfer, encadréiert de Sax4tett och akademesch Sëtzungen, Massen an Privatfeieren. Ausserdeem hu si och un enger Rei Concerten mat Chéier oder Harmonien deel geholl.

De musikalesche Repertoire geet vu klasseschen Arrangementer (Bach, Singelée, Fauré,…) iwwer Ragtime, Dixie an Klezmer bis hin zu méi moderner Musek (Jazz, Pop, …).

# SIEWEBUREN

## HOTEL - RESTAURANT




36, rue des Septfontaines ◦ Téléphone 44 23 56 ◦ Fax 44 23 53
L-2534 LUXEMBOURG - ROLLINGERGRUND

| | | |
|---|---|---|
| **Heures d'ouverture:** | de 12.00 à 14.00 heures | la cuisine chaude est ouverte |
| | de 12.00 à 22.00 heures | petite carte |
| | de 18.00 à 22.00 heures | la cuisine chaude est ouverte |

Propriétaire: Famille EWEN



BGL BNP PARIBAS
La banque d'un monde qui change

## 1. Deel - Stad- a Lampertsbierger Musek

DAS BOOT

vum Klaus Doldinger
arr. Jiři Kabat

*Offréiert vum Här Jean Flesch*

---

MOULIN ROUGE

vum Georges Auric
arr. Jan Valta

*Offréiert vun der Madame Simone Beissel*

---

THE HUNCHBACK OF NOTRE DAME

vum Alan Menken
arr. Hans van der Heide

*Offréiert vun der Madame Marguerite Redondo*

---

MEDLEY FROM SHREK

arr. Paul Murtha

*Offréiert vun der Famill Engling-Hauswirth*

---

REALITY

vum Vladimir Cosma
arr. Roland Smeets

*Offréiert vum Här a Madame Marc Hever-Lambert*

---

MOMENT FOR MORRICONE

vum Ennio Morricone
arr. Johan de Meij

*Offréiert vun der Madame Marie-Anne Millim*

*DIREKTIOUN: CHRISTIAN BLOCK*

## 2. Deel - Sax4tett

AMERIKA
vum Leonard Bernstein
arr. László Dömötör

SCHINDLER'S LIST
vum John Williams
arr. Georges Sadeler

AN AMERICAN IN PARIS
vum George Gershwin
arr. Nigel Wood

## 3. Deel - Stad- a Lampertsbierger Musek

SEVEN YEARS IN TIBET
vum John Williams
arr. Jan Valta

*Offréiert vum Här a Madame Joachim Block*

TWINS
arr. Jan Hadermann

*Offréiert vum Här Patrick Goldschmidt*

THE LORD OF THE RINGS
vum Johan de Meij
arr. Paul Lavender

*Offréiert vun der Famill Terras*

*PRESENTATIOUN: CARMEN SCHMITZ*









RENAULT

Garage THOMMES
Heffingen • Mersch
www.thommes.lu

DACIA


ENJOY
THE FEST,
WE DO
THE REST.
www.apex.lu
apex
Excellence in sound, light & video

FLEURS KLOPP

5, av. de la Faïencerie
L-1510 Luxembourg
Tél.: +(352) 22 33 31
Fax: +(352) 47 51 56
mail@justflowers.lu
www.justflowers.lu

# TOP IN MUSIC



**Musikinstrumente**
**& Zubehör**
**Drums & Percussions**
**u.v.m.**

Musik KRÖGER TRIER

MEISTERWERKSTATT FÜR METALLBLASINSTRUMENTE
REPARATURWERKSTATT FÜR HOLZBLASINSTRUMENTE

Saarstrasse 34 · 54290 Trier · Tel.: 0651-49261
info@musik-kroeger.com · www.musik-kroeger.com

# Museker/innen gesicht

Musek spillen ass e groussen Zäitverdreif deen en héije Stellewäert an onser Gesellschaft huet. Mir siche Musekerinnen a Museker fir ons Reien opzeréschten. Sidd dir selwer e fréiere Museker oder kennt dir Museker, déi en Instrument spillen an déi Loscht hätten, an enger flotter Equipe aktiv Musek ze spillen? Da schéckt se an d'Stad- a Lampertsbierger Musek. Mir prouwen all Freides vun 19:30 Auer bis 21:30 Auer an der Victor Hugo Hal um Lampertsbierg.

Mir géingen eis freeën dech als feste Museker bei eis begréissen ze dierfen.

Fir weider Informatiounen: www.hmll.lu


Auto-Moto-Ecole




47, avenue Pasteur
L-2311 Limpertsberg
Luxembourg
tel: 46 16 36
Fax: 26 20 09 09
www.autoecolepepe.lu

# Impressioune - Gala 2018





















**apart TV** - fir jiddereen eppes dobäi!

um Kanal 82 vu PostTV an am TV-Reseau vun der ELTRONA

# Onsen Hämmelsmarsch



Den Hämmelsmarsch 1957 an der Ermesinde-Strooss

Um Ufank hate mer dës Melodie, déi am Klackespill vum Mansfeldschlass a Clausen erklongen ass. Nodeems de Mansfeld (1517-1604) gestuerwe war, huet een dës Melodie vum Hämmelsmarsch am Klackentuerm vun der neigebauter Kathedral (1621) an der Ënneschtgaass héieren. Haut erkléngt se nach zweemol pro Dag, awer nëmmen an der Schueberfouerzäit.

D' Schueberfouer ass vun 1610 un um Glacis ofgehale ginn an am Laf vum 17. Joerhonnert sinn hei op Fouersonndeg op der Keelebunn an um Schéissstand Concouren ofgehale ginn, wou e fetten Hammel als Haaptgewënn ausgesat war. Als Trouschtpräisser sinn Zënnen-Telleren mat Motiver vum Mansfeldschlass an dem Ëmzuch vum Hämmelsmmarsch verdeelt ginn. Dëse Cortège mat Hämmelen a Musikanten, déi d'Hämmelsmarschlidd gespillt hunn, ass am Stadzentrum fortgaang an duerch d'Neipuert op d'Fouerplaaz gezunn. Dës Traditioun ass vun der Sebastiansbrudderschaft an d'Liewe geruff ginn an no 1837 vum éischte Sportsveräin aus der Stad, der „Société des Arquebusiers", genannt „d' Schéiss" weidergefouert ginn.

Vu wou dëst Lidd soll hierkommen, huet bis haut nach keen erausfond. Déi eng mengen aus dem Norde vun Italien, anerer soen aus der Belsch oder et wäer matbruecht ginn vun dem Grof Mansfeld sengen Zaldoten, déi vun iwwerall hierkoumen, dës Spekulatiounen konnten awer net bewise ginn.

1926 liese mer am Artikel „Carillon" vum Charles Larue an der „Luxemburger Zeitung", dass ons Hämmelsmarsch-Melodie „l'hymne familial des Mansfeld" war. Bis 1920 ass dëst Lidd oder de „Feierwon" oft als Nationalhymne gespillt ginn, bis dann awer „Ons Heemecht" offiziell festgehale gouf.

Den „Hämmelsmarsch" gëtt haut a villen Uertschaften als Optakt vun der Kiermes gespillt, meeschtens ouni Hämmel, awer mat vill Erfolleg fir d'Veräinskeess opzebesseren.

Harmonie Municipale Luxembourg & Limpertsberg asbl
BP 277
L-2012 Luxembourg

www.hmll.lu

contact@hmll.lu

hmll.lu/member

fb.com/hmll.lu

hmll.lu/events

WP
PRINTED IN
LUXEMBOURG

# WE PRINT RESPECT.

**VOUS ÊTES SOUCIEUX DU DÉVELOPPEMENT DURABLE ?**
NOUS SOMMES À VOTRE SERVICE POUR RÉALISER DES IMPRIMÉS QUI PROTÈGENT NOTRE ENVIRONNEMENT. AVEC DES **PAPIERS ÉCOLOGIQUES ET LA TECHNOLOGIE LED-UV MINIMISANT LES ÉMISSIONS ET LA CONSOMMATION D'ÉNERGIE. POUR UN MAXIMUM DE RESPECT.**

WEPRINT
**VOTRE IMPRIMEUR AU LUXEMBOURG**
TÉL : 43 84 86-1 | WWW.WEPRINT.LU

**Living**

Thomas Thillen

Real Estate
Luxembourg & Côte d'Azur

**(00352) 621 38 82 81**

**living@gmx.net**

**Massage&Mind**

Specialist for massages and individual well-being

42 Rue A.F. Van der Meulen
L-2152 Luxembourg (Dommeldange)

**(00352) 621 351 621**

**www.massagemind.lu**